People matter.
Coaching | Supervision | Séminaires | Conseil

“A wéi ass et da bei lech mam Geld?”

Een Dag iwwert d‘Roll vum Geld an Ärem Liewen

Ronderëm d’Thema Geld gin et eng Hellewull Tabu’en. Wärend engem Dag kucke mir heirop, a sichen Äntwerten op d‘Fro:

Wat maachen ech mam Geld, a wat mécht d’Geld mat mir a mengem Liewen?

Déi bewosst Ausernanersetzung mam Thema Geld schaaft Kloerheet. Dëst féiert zu méi Geloossenheet, an dat net nëmmen an der Bezéiung zum Geld, mee och an anere Liewensberäicher.

Folgend Sujete kënnen thematiséiert gin:

Eng Gehaltserhéigung ufroen | Rechnunge bezuelen | Mat Ierfschaften emgoen| D’ongläicht Akommes an der Koppel geréieren | Jalousië wéinst Geldfroen an der Famill vermeiden | D’Roll vum Geld an der Scheedung erkennen| D’Relatioun zu ‘menger’ Bank klorstellen | De ‘richtege’ Präis fir seng Aarbecht verlaangen | Scholde maachen oder Prêten zréckbezuelen.

Folgend Froe kënnen ugeschwat gin:

- Wouhier kënnt meng jëtzeg Bezéiung zum Geld?
- Wat ass méng Grondastellung zum Geld?
- Wat ass de Stellewäert vum Geld a mengem Liewen: a menger Famill, a menger Partnerschaft, a mengem Beruff?
- Wéi beaflosst Geld meng perséinlech a berufflech Liewensentscheedungen?
- Wéi kann ech gezielt an effikass dorunner schaffen, fir eng nohalteg Veränneru a menger Bezéiung zum Geld ze kréien?

PRAKTESCH INFORMATIOUNEN	
Datum & Auerzäit	Samschdeg, den 25. November 2023 (09.30 – 17.00)
Aschreiwung (obligatoresch)	contact@peoplematter.lu
Bis wéini muss ech mech spéitstens ugemellt hun?	Freideg, de 17. November (18.00)
Maximal Unzuel u Participante	8
Wou?	Mamerhaff (www.mamerhaff.lu) 20, rue Henri Kirpach L-8237 Mamer
Sprooch	Lëtzebuergesch
Käschtepunkt	190 €
Mëttegiessen	Jiddereen ass invitéiert, sech dat matzebréngen, wat him schmaacht
Parking	Ass méiglech virum Haaptgebai
Opgepasst	D'Ziel vun dësem Seminär ass et net, derzou bäizedroen, dass Dir méi verdéngt. Et geet hei drëm, méi eng bewosst Relatioun zum Geld ze schafen.

Perséinlech Infoen:

Säit 2017 schaffen ech als professionelle Coach a fräischaffende Beroder. Ech begleeden ënner anerem Eenzelpersounen a Gruppen, déi bereet sin, op d'Gretchenfro: *"A wéi ass et da bäi Iech mam Geld?"* ze kucken. Dësen Deel vu menger Aarbecht ass inspiréiert vum Peter Koenig.

Meng Devise ass "*People matter*": de Mënsch zielt, a steet am Mëttelpunkt. Méi Informatiounen zu menger Aarbecht fannt Dir op www.peoplematter.lu